ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Aus ënnerschiddleche Quellen, ass mir e puer Mol zu Ouere komm, datt den IRM, deen um Potaschbierg an enger privater Praxis steet, vir d'éischt an engem Lëtzebuerger Spidol stoung, iert d'Maschinn zu Gréiwemaacher a Betrib geholl ginn ass. Duerfir hätt ech dës Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Ass et korrekt, datt zu Gréiwemaacher en IRM steet, dee virdrun engem Lëtzebuerger Spidol gehéiert huet?
2. Wa jo, wéi vill Betriibsstonnen hat déi Maschinn? Wat ass eng normal Liewensdauer vun esou enger Maschinn? Fir wéi vill Suen ass den IRM viruverkaf ginn a wat hätt d'Maschinn haut nei kascht?
3. Wat war beim Spidol d'staatlech Participatioun um Uschafungspräis? Wat fir Konditiounen huet esou eng Subventioun am Hibléck op e Weiderverkaf? Wéi vill vum Weiderverkafspräis geet un de Staat?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Députéierten